## 09.01.1989 47. Comitéssëtzung

Bilan vum Theater : Boni vun 73.730.- Frang.

Et gëtt awer och de Blan gemat vun deenen aneren leschten Organisatiounen : Planzen mat de Schoulkanner, Kachcours, Éierung vun deenen zwee Eelster, Kleeschen.

Zur Sprooch kënnt och nach d'Engagement vun eisem « Luussert » zu Nidderkäerjéng : e vollen Erfolleg.

Aner Themen :

- Generalversammlung : Detailer gi festgeluecht
- Quiz iwwer Altwis : eng länger Diskussioun geet verschiddenen Decisiounen viraus
- Äntwert op eise Bréif un de Minister Schlechter : Ponts et Chaussées, Gemeng a Wiisser Leit sollen sech zesumme setzen, fir Léisungen auszeschaffen
- Restauratioun vun der Kräizkapell, eng Initiativ vum Här Eugène Guersing, Buergermeeschetr vu Mondorff, déi mir wëlle finanziell (50.000.- Frang) mat der Munnerëfer (L) Gemeng zesummen ënnerstëtzen.

---

## 13.02.1989 : 48. Comitéssëtzung

Mir begréissen eisen neie Comitésmember Saksida Nico.

D'Chargen ginn nei (hahaha !) verdeelt : 'tbleift alles beim alen.

Schwéier Diskussiounen léisst eng Propositioun vum President aus, jidfer Comitésmember soll e Block mat Éirememberskaarten an d'Täsch huelen fir, bei Gelegenheet, déi eng oder aner ze verkafen. Den Enthusiasmus ass esou grouss, dass d'Propositioun mat 5 Stëmmen (géint 5 Stëmmen, bei 3 Enthalungen) ... ofgeleent gëtt. Ass eis Begeeschterung fir de Veräin an eis Bereetschaft matzehëllefen schonn esou winzeg ginn ? Am Fong misst een sech bal schummen.

Besprach ginn awer och nach Detailler vum Quiz an dem Duerffest (Orchester).

Eng nei Idee : de PingPong organiséiert den 8. Abrëll eng Coupe fir Net-Lizenséierter. D'Wiisser Leit stëften d'Coupe.

Zum Schluss vun der Comitéssëtzung goufen dann d'Ziedelen vum Quiz ausgedeelt. A lass goung et mam Roden, Froen, Laachen (Hie weess et ...) a Stier-Rompelen (Hie weess et nach net ... ).

---

## 13.03.1989 : 49. Comitéssëtzung

Quiz, 1. Mee, Blummenaktioun, Besuch am Wort, Finanzen, Hobbyausstellung waren déi wichtegst Punkten vum Programm.

Bedauert gouf awer och, dass Gerüchter iwwert d'Opléise vun derAmicale Elléng sech ze bestätege schéngen.

---

## 10.04.1989 : 50. Comitéssëtzung

Mir maachen de Bilan vum Quiz, et war e grousse Succès an eisen Zweck hu mer komplett erreecht.

Finanzielle Bilan :

| | |
|---|---|
| Recettes : | 17.740.- |
| Dépenses : | 12.327.- |
| Boni : | 5.413.- |
| Präisser : | 36.000.- |
| Definitive Mali : | 30.613.- |

Mir kruten och e Bréif als Merci an als Unerkennung fir eis Méi vum Här Paschtouer Fränz Muller.
An en zweete Bilan gouf gemat : dee vun de Memberskaarten : 25.100.- Frang, an dee vun den Éirememberskaarten (net definitiv) 16.800.- Frang.
Besprach goufen awer och : 1. Mee, Blummenaktioun, Kräizkapell, Tafel Victor Hugo, Besuch am Wort, Pompel bei der Grott, Onofhängegkeetsfeier.
Als leschte Punkt schwätzt dann de Saksida Nico de Problem vum Kierchegesank un. Festgestallt gëtt dobäi, dass d'Wiisser Leit keen nach bestehende Veräin kann iwwerhuelen nach en neie grënnen. D'Diskussiounen no der Comitéssëtzung allerdéngs féieren derzou, dass e Grupp Leit sech zesummedeet, fir eng Versammlung zu deem Thema anzeberuffen.

---

## 09.05.1989 : 51. Comitéssëtzung

Ofschloss vum Trëppeltoureltour, Blummenaktioun, Duerffest, Opschibe vum Besuch am « Wort » (wéint dem Galaconcert vun der Fanfare Mondorf-Altwies), Rapport iwwert d'Entrevue mam Kondukter waren eenzel Punkten um Programm.

Diskutéiert gouf awer och nach d'Decisioun vum President (am Accord mam Sekretär) der Gemeng den Danzbuedem vum Veräin ausnahmsweis bei den Onofhängegkeetsfeieren ze léinen. Déi Decisioun koum no laangen a penibleń Diskussioune mat Membre vum Schefferot zu stanen.

---

## 23.05.1989 : 52. Comitéssëtzung

Organisatioun vum Duerffest. Bei der Verdeelung vun de Chargen kënnt et zu enger Diskussioun iwwert den « Duerffest-Caissier » : den Wies Arsène wëllt net méi grillen, de Putz René (bis elo « Duerffest-Caissier ») erklärt sech bereet, déi Charge ze iwwerhuelen. De Virschlag vum President, deem aneren haaptberuffleche Caissier (CEE) d'Caisse fir d'Duerffest unzevertrauen (hien ass dat jo gewinnt) gët vum Arsène falsch verstanen (oder wëllt dat net verstoen). Dorophin gët hien (Arsène Wies) de 24.05.1989 seng Demissioun.

---

## 03.07.1989 : 53. Comitéssëtzung

Duerffest-Boni : ± 48.000.- Frang (d'finanziell Réussite ass net dat wichtegst !), Organisatioun vum Duerffest, eenzel Punkte vum Hierschtprogramm :

1. Conveniat 45/55
2. Hobby-Ausstellung stellt Problemer
3. Theater
4. Besuch am Wort

Neierung : De Comité huet um 21.00h Schluss gemat : dat gouf et nach ni !

---

## 26.09.1989 : 54. Comitéssëtzung

D'Sëtzung konnt net méindes aberuff ginn, dënschdes war Gesangprouf. Esou konnt et ee bal net wonneren, dass nëmme 5 Mann do waren. Diskutéiert gouf allgemeng iwwert deen neien Duerfkäer, Decisioune konnte keng geholl ginn.

---

## 02.10.1989 : 55. Comitéssëtzung

Behandelt gouf de Programm vum Hierscht/Wanter. Vun der Organisatioun vun enger Hobbyaustellung gët ofgesinn. Aner Programmpunkten (wéi üblech) : Trëppeltoureltour, Kleeschen, Déi Eelst, Theater.

Beschloss gët och nach, sech un der Restauratioun vun der Kräizkapell (bis zu enger Zomm vun 100.000.- Frang) ze bedeelegen.

---

## 20.11.1989 : 56. Comitéssëtzung

Organisatioun vum Kleeschen, Éirung vun deenen Eelsten aus dem Duerf, Besuch am Wort, Iessen, Generalversammlung, Duerfkäer, Budget 90, Theater (de Gesank spillt net Theater !) goufen diskutéiert an organiséiert.

---

# 08.01.1990 : 57. Comitéssëtzung

Festgehale ginn nach finanziell Engagementer vum Veräin :

1. an der Greeff-Kräiz-Affaire om Dierbelt : ± 80.000.- Frang. Tremuth Fernand féiert déi Aktioun zu Enn.
2. an der Kräizkapell-Affaire : 100.000.- Frang.

Da gëtt och nach d'Generalversammlung vum 15. Januar 1990 virbereet.